



Leit mat Iddien fir eis Gemeng vu muer
Une équipe pleine d'idées pour notre commune de demain

1. ARENDT Edgard
2. AENDEKERK Raymond
3. BERGEM Carole
4. CALIGARIS-ZAHLEN Jacquie
5. GOERENS Edith
6. KLARES-GOERGEN Fernande
7. MEISCH Jim
8. PEIFFER Mars
9. SEMEDO-MONTEIRO Edna
10. TREFF Albert
11. WAXWEILER Danielle

déi gréng Betzdorf:

4, rue d'Olingen
 L-6832 Betzdorf
 Tél: 719392
 GSM: 691 687546

betzdorf@greng.lu

www.greng.lu/betzdorf

An English translation is available on our website
 Eine deutsche Übersetzung finden Sie auf unserer Internetseite
 Una traduzione in Italiano è disponibile su Internet
 A tradução do Português está disponível no site

Eis Kandidaten - Nos candidats et candidates



Edgard ARENDT (63)
Roodt-sur-Syre

Ech si bestued, si Papp vun 3 Kanner an hun 3 Enkelkanner.

Ech hun Europäisch Recht studéiert a war Beamte bei den Europäische Communautéiten.

Zënter ménger Pensioun beroden ech nach verschiddenen Organisatiounen a juristische Froen.

Am Ablak sinn ech Member vun der Äislännerkommissioun.

Vun 2000 bis 2006 war ech juristische Beroder vum Schefferot.

Als President vun der Projetskommissioun a Member vun der Finanzkommissioun hun ech gehollef déi grouss Projeten vun eiser Gemeng, wéi Fussballterrain, Kläranlag, Schoul a Sportshal ze realisieren.

Je suis marié, père de 3 enfants et grand-père de 3 petits-enfants.

Détenteur d'un diplôme en droit européen, j'ai travaillé pour les Communautés européennes. Depuis ma retraite, je conseille différentes organisations sur des questions juridiques.

Actuellement, je suis membre de la commission pour étrangers.

De 2000 à 2006 j'étais conseiller juridique du collège échevinal de notre commune.

Dans mes fonctions de président de la commission des projets et de membre de la commission des finances, j'ai participé à la réalisation des grands projets communaux: terrain de football, station d'épuration, nouvelle école, hall des sports, etc



Raymond AENDEKERK (50)
Betzdorf

Ech war bestued mam Adri van Westerop a si Papp vun engem erwuessene Meedchen.

Vu Formatioun sinn ech Agraringenieur a schaffe zënter 1988 bei natur&ëmwelt/Hëllef fir d'Natur.

Ech si President vum Haus vun der Natur an aktiv am Verein vun de Biobauern. Dënnéiert sin ech Member vum Verwaltungsrat vun Oikopolis a war och 7 Joer Vize-President vum LEADER-Miselerland.

Beim Opstelle vum Gemengenentwécklungsplang hun ech gehollef an hu mech an de Kommissioun fir Ëmwelt, Gemengenentwécklung a Klimabündnis engagéiert.

J'ai été marié à Adri van Westerop et je suis père d'une fille adulte.

Ingénieur agronome de formation, je travaille depuis 1988 chez natur&ëmwelt/Hëllef fir d'Natur.

Je suis président de l'association Haus vun der Natur et engagé dans l'association des agriculteurs biologiques. Je suis également membre du conseil d'administration de Oikopolis et j'étais pendant 7 ans vice-président du LEADER-Miselerland.

Au niveau de notre commune, j'ai participé à l'élaboration du Plan de développement communal ainsi qu'aux travaux des commissions de l'environnement, du développement communal et de l'alliance pour le climat.



Carole BERGEM (47)
Olingen

Ech si bestued a Mamm vun 2 Kanner vu 15 a 17 Joer.

1975 sin ech mat mengem Elteren op Ouljen komm.

Viru kuerzem hun ech Sozialpädagogik studéiert a schaffen zënter dem 3. Januar 2011 moies als employée administrative am Office social du Centrest zu Roudemer.

Mëttes hëllef ech zu Fluesweiler um Haff „A Mëchels“ an machen eng Weiterbildung an der Hippopädagogik.

Engagéiert war ech am Comité vum Fit&Fun-Roodt/Syr an u Projeten vum Gemengenentwécklungsplang.

Je suis mariée et mère de 2 enfants de 15 et 17 ans.

En 1975, je suis arrivée avec mes parents à Olingen.

Je viens de terminer des études de pédagogie sociale et, depuis le début de l'année, je travaille les matins à l'Office social du Centrest à Rodenbourg.

Les après-midis, je travaille à la ferme A Mëchels à Flaxweiler où je fais actuellement une formation en hippopédagogie.

Au niveau de notre commune, j'étais membre du comité de Fit&Fun-Roodt/Syr et j'ai participé aux travaux du Plan de développement communal.



Jacquie CALIGARIS-ZAHLEN (40)
Roodt-sur-Syre

Ech si bestued a Mamm vun 2 Kanner, vu 4 a 7 Joer.

Ech hu Journalismus a Kommunikatioun studéiert a schaffen am Staatsministère (Service information et presse).

An deenen 13 Joer, déi ech zu Rued wunnen, hun ech an der Kultur- an der Kommunikations-Kommissioun matgeschafft.

Do dënnéiert hun ech och aktiv am Koordinatiounsgrupp vun der Maison Relais an un de Aarbechten um Gemengenentwécklungsplang deelgeholl.

Je suis mariée et mère de deux enfants de 4 et 7 ans.

J'ai fait des études en Journalisme et Communication et je travaille actuellement au Ministère d'État (Service information et presse).

J'habite à Roodt/Syre depuis 13 ans et j'ai participé au cours de ces années aux travaux des commissions consultatives de la culture et de la communication.

Mon engagement s'est en outre poursuivi au sein du groupe de coordination "Maison relais-école-associations locales" et au niveau du Plan de développement communal.



Edith GOERENS ép. Kirsch (48)
Roodt-sur-Syre

Ech si bestued mam Frank Kirsch a Mamm vu 4 Kanner, vun 20, 18, 16 an 13 Joer.

Vu Formatioun sin ech diploméiert Kinésithérapeutin a schaffen zënter 11 Joer fir d'Initiativ Liewensufank asbl. an de Beräicher Fraegesondheet a Klengkandentwécklung.

Ech wunnen zënter 17 Joer zu Rued/Syr.

Vun 2000 bis 2006 war ech Member vun der Ëmweltkommissioun an engagéiere mech zënter 2004 am Kader vum Klimabündnis (Klimabündnis-Kommissioun an Nord-Süd Aarbechtsgrupp vun der Action Solidarité Tiers-Monde).

Je suis mariée à Frank Kirsch et mère de 4 enfants de 20, 18, 16 et 13 ans.

Kinésithérapeute diplômée de formation, je travaille depuis 11 ans pour l'association Initiativ Liewensufank dans les domaines de la santé féminine et du développement de l'enfant en bas âge.

Depuis 17 ans j'habite avec ma famille à Roodt/Syre.

De 2000 à 2006, j'étais membre de la commission de l'environnement et, depuis 2004, je m'engage dans le cadre de l'Alliance pour le Climat (Commission de l'alliance pour le climat et groupe de travail Nord-Sud de l'Action Solidarité Tiers-Monde).



Fernande KLARES-GOERGEN (53)
Betzdorf

Ech si bestued a Mamm vun 3 Jongen.

Vu Beruff sinn ech Educatrice an ech schaffen am Service „Oxygène“ vu Femmes en Détresse.

Ech wunnen zënter 22 Joer zu Betzdorf.

An eiser Gemeng hun ech mech an der Kommissioun Future École engagéiert a war d'Koordinatrice vum Aarbechtsgrupp Schoulhaff.

Je suis mariée et mère de 3 fils.

Éducatrice de formation, je travaille au service Oxygène de Femmes en Détresse.

J'habite depuis 22 ans à Betzdorf.

Dans notre commune, j'étais membre de la commission Future école et coordinatrice du groupe de travail Schoulhaff.



Jim (Jean-Pierre) MEISCH (56)
Roodt-sur-Syre

Ech si bestued a Papp vun 2 erwuessene Kanner.

Vu Formatioun sin ech Botaniker am Naturmusée am Gronn. Ech këmmen mech em Beräicher wéi Arten-, Natur- an Umweltschutz, Biodiversitéit an Ekologi.

Ech wunnen zënter méi wéi 20 Joer zu Rued, an hun an de Kommissioun fir Kultur a Kommunikatioun matgeschafft a war vun 2000 bis 2006 Member vun der Projektkommissioun.

Zënter 5 Joer sinn ech Caissier vun der Ouljer Musek an zënter 10 Joer Komitesmember vum Vullschutz - Sektoun Osten.

Je suis marié et père de deux enfants adultes.

De formation botaniste, je travaille au Musée national d'histoire naturelle. Je m'occupe de la protection des espèces, de la nature et de l'environnement ainsi que des domaines biodiversité et écologie.

J'habite depuis plus de 20 ans à Roodt/Syre et je me suis investi dans les travaux des commissions de la culture et de la communication. De 2000 à 2006, j'ai été membre de la commission des projets.

Depuis 5 ans, je suis trésorier de la Fanfare Olingen et cela fait 10 ans que je suis membre du comité de la Ligue pour la protection des oiseaux - section Est.



Mars (Marcel) PEIFFER (55)
Mensdorf

Ech si bestued a Papp vun zwee Kanner vu 25 an 20 Joer. Mir wunnen zënter 21 Joer zu Menster.

Ech hu Geschicht an däitsch Literatur studéiert a schaffen zënter 30 Joer als Schuedeninspekter bei enger Assurance.

An de Joren 2000-2006 war ech Member vun der Kulturkommissioun an vum Aarbechtsgrupp fir Gemengenentwécklung.

Je suis marié et père de deux enfants de 25 et 20 ans. Nous habitons depuis 21 ans à Mensdorf.

J'ai fait des études d'histoire et de littérature allemande et je travaille depuis 30 ans comme inspecteur en assurances.

De 2000 à 2006, j'ai été membre de la commission de la culture et j'ai participé aux travaux du groupe de travail pour le développement communal.



Edna SEMEDO-MONTEIRO (20)
Roodt-sur-Syre

Ech si Studentin am leschten Joer an der Infirmiesschoul an hun als Berufsziel Hiewann.

Zënter 5 Joer wunnen ech zu Rued a sinn och sou laang Member vum Lichtathletiksveräin vu Gréivemaacher.

A menger Hauptdisziplin, dem Stabhéichsprong hun ech dëst Joer op de Spiller vun de kleng Länner d'Goldmedail fir Lëtzebuerg gewonnen.

Ech wëll mech an der Gemeng engagieren, well ech mengen, dass och Jonker eppes zum gudden Zesummeliewe bäidroen sollen.

Je suis étudiante en dernière année à l'école pour infirmières et je projette de poursuivre ma formation pour devenir sage-femme.

Depuis mon arrivée à Roodt/Syre il y a 5 ans, je suis membre du CAEG, le club d'athlétisme de Grevenmacher.

Aux Jeux des Petits États d'Europe de cette année, j'ai remporté la médaille d'or pour le Luxembourg dans la discipline du saut à la perche.

J'aimerais m'engager dans ma commune, parce que je suis convaincue que les jeunes doivent faire leur apport à la vie communautaire.



Abbes (Albert) TREFF (52)
Mensdorf

Ech si bestued a Papp vu 4 Kanner.

Vu Beruff sinn ech Ingenieur bei DuPont de Nemours.

Ech wunnen zënter 16 Joer zu Menster an der Rueder Strooss.

Am Moment sinn ech an der Klimabündnis-Kommissioun engagéiert. Déi Zäit virdrun war ech an der Kultur-Kommissioun an an der Jugend-Kommissioun tätig.

Zënter 2004 këmmen ech mech ëm déi gemeinschaftlech Photovoltaikanlag déi op dem Dag vun der aler Primärschoul opgeriicht ginn ass.

Je suis marié et père de 4 enfants.

Je travaille chez DuPont de Nemours comme ingénieur.

Depuis 16 ans, j'habite à Mensdorf, rue de Roodt/Syre.

Actuellement, je suis engagé dans la commission de l'alliance pour le climat. Entre 2000 et 2006, j'ai été membre des commissions de la culture et de la jeunesse.

Depuis 2004 je gère l'installation photovoltaïque communautaire qui est établie sur le toit de l'ancienne école primaire à Roodt-sur-Syre.



Danielle WAXWEILER (44)
Mensdorf

Ech si bestued an hun eng Duechter vun 8 Joer.

Ech schaffen zënter 1987 bei der Co-labor als Comptabel.

Zënter 1994 sinn ech Member vum Direktiouns-Komitée a sin an verschiddenen Aarbechtsgruppen aktiv: Finanzen, Kollektivvertragsverhandlungen, neie Site zu Bartreng.

Ech war 15 Joer Member vum Verwaltungsrot vun der Co-labor.

An eiser Gemeng sinn ech am Koordinatiounsgrupp vun der Maison Relais engagéiert.

Je suis mariée et j'ai une fille de 8 ans.

Depuis 1987 je travaille comme comptable chez Co-labor. Depuis 1994, je suis membre du comité de direction et je siège dans différents groupes de travail: finances, conventions collectives, nouveau site à Bertrange.

Pendant 15 ans, j'étais membre du conseil d'administration de Co-labor.

Au niveau communal, je suis engagée dans le groupe de coordination de la Maison Relais.

Mir freen eis elo schon lech den **21. September** zu Rued an der aler Kierch op enger **Konferenz** mam Deputéierte Félix Braz an de **29. September** zu Menster am Centre Culturel op eiser **Walversammlung** ze gesinn.

Nous nous réjouissons de vous rencontrer le **21 septembre** à l'ancienne église à Roodt-sur-Syre lors d'une **conférence** avec le Député Félix Braz et le **29 septembre** au Centre Culturel de Mensdorf lors de notre **réunion électorale**.

Leit mat Iddien fir eis Gemeng vu muer

**Besser zesumme liëwen:
fir déi gréng steet de Mënsch
am Mëttelpunkt!**

All Bierger soll sech a senger Gemeng doheem a wuel fillen. D'Gemeng soll sech no engem kohärente Konzept entweckelen, **am Aklang mat der Natur** an emmer mam Objektiv, d'**Liewensqualitéit** vun den Awunner ze verbesseren.

Bezuelbare Wunnraum schafen, besonnesch fir jonk Stéit, ass eng wichteg Aufgab. Eng modern Gemeng muss sech aktiv um Wunnengsbau bedeelegen, ouni awer de Charakter vun den Uertschaften ze zerstéieren.

Industriezone sinn absolut néidig fir eis Wirtschaft. Si mussen allerdéngs regional geplangt ginn a gehéieren no bei d'Transportweier. Dofir soll d'**Industriezon Rothoicht erëm Gréngzon** ginn!

Eis Gemeng muss elo scho massiv an **erneuerbar Energiequellen** investéieren. Dat ass net nëmme gutt fir de Klimaschutz, et mecht eis op laang Sicht och vill manner ofhängeg vun héigen Energiepräisser.

D'Zukunft gehéiert eise **Kanner** an eiser **Jugend**. Wat an der Kannerzäit verpasst gouf, ass schwéier herno erëm opzehuelen. Eng vun eise Prioritéiten ass dofir d'Erzéiung an d'Betreiung vun de Kanner. Mir wëllen déi Jonk derzou ermuddigen Verantwortung am öffentleche Liewen ze iwwerhuelen.

An eisen Dierfer feelt et u **Platze wou ee sech begéine kann**, wou all d'Leit sech gären ophaalen. Nei gréng Plätzchen an den Dierfer, me och **lokal Geschäfte** an Dingschtleeschungen spillen hei eng wichteg Roll.

All dat an och déi aner gréisser Projete vun der Gemeng mussen am **stännigem Dialog mat de Bierger** geschéien.

Une équipe pleine d'idées pour notre commune de demain

**Mieux vivre ensemble:
pour déi gréng, la personne doit se
trouver au centre des préoccupations!**

Dans sa commune, chaque citoyen doit se sentir chez soi et à l'aise. La commune doit se développer selon un plan cohérent, **en accord avec la nature** et dans le but d'améliorer constamment la **qualité de vie** de ses habitants.

Créer des **logements à des prix abordables**, surtout pour les jeunes ménages, est une tâche importante. Une commune moderne doit participer activement à la création de nouveaux logements en évitant cependant de porter atteinte au caractère de nos localités.

D'une importance évidente pour notre économie, les zones industrielles doivent toutefois être planifiées au niveau régional et établies à proximité des voies de transport. C'est pourquoi la **zone industrielle Rothoicht**, à l'entrée de Roodt-sur-Syre, doit être reclassée définitivement en zone verte!

Notre commune doit d'ores et déjà investir dans les **énergies renouvelables**. Cet investissement n'est pas seulement un pas vers une meilleure protection du climat mais réduit à long terme notre dépendance d'un prix de l'énergie sans cesse en hausse.

L'avenir appartient à **nos enfants** et à **nos jeunes**. Les manquements pendant l'enfance ne se rattrapent que très difficilement. C'est pourquoi une de nos priorités est l'éducation et l'encadrement des enfants. Nous voulons également encourager les jeunes à s'investir dans les affaires citoyennes.

Nos villages manquent de **lieux de rencontre**, d'endroits où les gens peuvent se fréquenter. De nouveaux espaces verts à l'intérieur des localités, mais aussi des **commerces locaux** et des prestataires de services devront y remédier.

Ces idées, tout comme les autres projets communaux d'envergure devront être réalisés en **dialogue constant** et avec la participation des **habitants intéressés**.

Besser liewen

Gemengewahlen ~~20~~11

www.greng.lu/betzdorf